N°1065
Entrée le 25.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.07.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Juli 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Erkennung vu KI-generéierten Inhalter an der Schoul** un den **Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend** weiderzeleeden.

Spéidstens säit der ëffentlecher Virstellung vun "ChatGPT" duerch d'Firma OpenAI, sinn déi kënschtlech Intelligenz an hir Auswierkungen op grouss Deeler vun eisem alldeegleche Liewen de Géigestand vu villen Diskussiounen, sief et ënner Expert.inn.en oder an der breeder Ëffentlechkeet. Ee vun de Beräicher, wou sech d'Fro vun den Auswierkunge vu KI-Programmer besonnesch dringend stellt, ass dee vun der Schoul. Nieft de Virdeeler, déi et sécher och ginn, gesi sech d'Enseignanten am Schoulalldag awer virun allem och mam Risiko konfrontéiert, dass d'Schüler.innen bei Prüfungen an Examen mat Hëllef vun der KI fuddelen. Eisen Informatiounen no gräifen eenzel Enseignanten schonn haut an Eegeninitiativ op Erkennungsprogrammer fir KI-generéierte Contenu zeréck.

Dëse Sujet war och schonns Thema vun der parlamentarescher Fro Nr 7495. Hei ass den deemolegen Här Educatiouns- an Héichschoulminister a senger Äntwert bei de konkrete Schrëtt virun allem op de Beräich vun der Universitéit agaangen. Weider huet de Minister deemools zouginn: "Wat den Ëmgang mat dëser neier Software an der Schoul ugeet, sou sti mir nach am Ufank vun engem Léierprozess."

An dësem Kontext erlabe mir eis, follgend Froen un den Här Minister ze stellen :

1. **Wees de Minister, ob d'Fuddele mat KI-Programmer e Problem ass, mat dem vill Enseignanten wärend dem ofgelafene Schouljoer am Secondaire oder esouguer am Fondamental konfrontéiert waren? Wa jo, féiert den Educatiounsministère Statistiken heizou? Gëtt et Zuelen dozou, wéivill Sanktiounen opgrond vu KI-Asaz décidéiert goufen?**
2. **Gëtt et konkret Recommandatiounen oder Reegele vum Educatiounsministère un d'Enseignanten, wéi si solle virgoe wa si mengen, e.ng Schüler.in hätt mat KI-Programmer gefuddelt? Wa jo, decken dës Consignen déi verschidden Etappe vun der Detektioun bis hin zu enger eventueller Sanktioun an de Recoursméiglechkeeten of?**
3. **Gëtt et eng offiziell duerch de Ministère unerkannt Software, fir KI-Inhalter ze erkennen, a wa jo, kréien d'Enseignanten dës zur Verfügung gestallt? Wann net, firwat, an op wéineger Grondlag solle si dann eventuell Sanktioune begrënnen?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Députéierten

**Djuna BERNARD**
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1065 vun den honorabelen Deputéierte Djuna Bernard an Meris Sehovic**

**Ad 1)**

Den Educatiounsministère (MENJE) huet keng deementspriechend Statistiken. De Feedback, deen de MENJE aus de Lycéeën kritt, ass, datt verschiddene Fachrichtungen wéi z.B. d'Sproochenenseignantë méi dacks mat dësem Thema konfrontéiert ginn wéi hir Kolleegen aus de Beräicher vun der Mathematik an den Naturwëssenschaften. D'KI ass dobäi allerdéngs just ee weideren techneschen Outil, deen am schoulesche Kontext benotzt ka ginn, fir Plagiat ze bedreiwen.

Fir op dës Problematik, déi duerch KI verschäerft gouf, ze reagéieren, hunn d'Enseignanten eng Rei vu Moossnamen ergraff: Gespréicher mam Schüler bei Verdachtsfäll, mëndlech Presentatiounen, alternativ Aufgabeformater, déi d'Weise vu Kompetenzen erméiglechen, Paper-Pencil-Prüfungen, wéi och spezifesch Uweisungen zur Notzung an Deklaratioun vu KI-Hëllefsmëttelen.

**Ad 2)**

De MENJE huet bei der Rentrée en Aktiounsplang virgestallt mat dem Titel „sécher digital". Den zweeten Themeblock dovun beschäftegt sech mat der Notzung vun der KI an der Schoul. An deem Zesummenhang wäerten am Laf vum Schouljoer 2024/25 Recommandatiounen vum MENJE publizéiert ginn.

**Ad 3)**

Aktuell gëtt et an der edTech-Industrie a Fuerschung kee Konsens doriwwer, ob KI-Erkennungssoftware eng 100 % zouverlässeg Léisung bitt. Et ass dobäi ze bemierken, datt vill vun de existente Léisunge besonnesch an der englescher Sprooch gutt Resultater erreechen, allerdéngs net esou gutt an de Sproochen, déi am Lëtzebuerger Schoulsystem gebräichlech sinn.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH